19.10.2023

# VISITT VUM CHANTIER VUN DER CRÈCHE AM KADER VUN DEN ENERGIEWOCHEN

# VISITE DU CHANTIER DE LA CRÈCHE DANS LE CADRE DES SEMAINES DE L'ÉNERGIE

Am Kader vun den Energiewochen tëschent dem 4. an 20.Oktober, organiséiert vum Ökozenter Pafendall an dem Mouvement Écologique an ënnert dem Patronage vum Ministère fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung, dem Wunnengsbauministère an dem Ministère fir Energie a Landesplanung, hunn e Webinar a 4 Visitte vu verschidde Projet'e stattfonnt. Ënnert dem Thema „Reduzierung der grauen Energie im Gebäudesektor" huet dunn den 19. Oktober d'Visitt vun der neier Crèche zu Rued-Sir stattfonnt. Acteuren aus dem Bausektor, d'Madamm Sylvette Weigel an d'Madamm Marie-Claire Ruppert, Schäffinne vun der Gemeng an aner Vertrieder vun der Gemeng hunn un dëser Visitt deelgeholl, déi nach eng Kéier d'Nohaltegkeetskonzept duerch den Asaz vun der Kreeslafwirtschaft an der Energieeffizienz däitlech gemaach huet. Dëse Projet gëllt als Pilotprojet zu Lëtzebuerg.

Dans le cadre des Semaines de l'énergie du 4 au 20 octobre, organisées par « l'Ökozenter Pafendall » et le Mouvement écologique sous le patronage du Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement durable, du Ministère du Logement et du Ministère de l'Énergie et de l'Aménagement du territoire, un webinaire et 4 visites de divers projets ont eu lieu. Sous le thème « Réduction de l'énergie grise dans le secteur du bâtiment », la visite de la nouvelle crèche de Roodt/Syre a eu lieu le 19 octobre. Des acteurs du secteur de la construction, Madame Sylvette Weigel et Madame Marie-Claire Ruppert, les échevines de la commune et d'autres représentants de la commune y ont participé. La visite a une fois de plus mis l'accent sur le concept de durabilité grâce au recours à l'économie circulaire et à l'efficacité énergétique. Ce projet compte parmi les projets pilote au Luxembourg.





